Kompetent „Kids“

©Roland Meyer

A menger Aarbecht fir d’“Theaterschoul“ vum Ministère de l’Éducation nationale kommen ech a vill Schoulen aus eisem Ländchen an ech kréie Geleeënheet, mat ville Léierinnen a Schouleeschteren ze schwätzen. A wat si mir verzielen, dat deckt sech gréisstendeels mat dienen Erfahrungen, déi ech als Schoulmeeschter déi lescht Joere gemaach hunn, an déi Erfahrungen hu mech elo dozou bruecht, an dësem Artikel zesummenzefaassen, wat mir schwéier um Mo läit.

Duerch d’Bank héiert ee bei eisem Léierpersonal, datt d’Schoulhalen ëmmer méi komplizéiert gëtt, well d’Kanner sech an diene leschte Joeren enorm verännert hunn. Si bréngen déi Aufgaben, déi se nach virun 10 oder 15 Joer konnte léisen, einfach net méi fäerdeg. Si kënnen sech net méi esou konzentréieren, si denke vill méi konfus a sinn och vill manner belaaschtbar. Do ass een enormt Potenzial verluer gaangen, an egal wéi mir et och wëllen dréinen, erklären oder schéirieden, et ass net ersat ginn. Et ass fort. All si mir eis eens, datt dat net gutt ass!

Donieft gëtt et haut vill méi Kanner wéi soss, déi sech opfälleg verhalen. Si si méi aggressiv, manner sozial, hunn déi ënnerschiddlechst Léierproblemer a musse vu spezielle Programmen an och dacks vun speziell ausgebilte Leit profitéieren. Soss gëtt et näischt. Vill Kanner hunn eng „unendliche Reise“ vun engem Kannerpsycholog bei dien nächsten ugetratt; Therapeuten a Pädagogen gi sech hir Dossieren an d’Hand an erreeche meeschtens … net vill. Datt dat vill Sue kascht soll nëmmen um Rand gesot ginn, schliisslech geet et em eis Kanner.

Eis Kanner? Gëtt et déi nach? Oder kuckt elo jiddereen no senge Kanner. Gëtt et nach eng gemeinsam Responsabilitéit, eng gemeinsam Solidaritéit fir den Nowues? Oder ass d’Denke vun eis Erwuessene mëttlerweil esou individualiséiert, datt mir just nach no eisen eegene Kanner kucken. Wann dat esou wir, da wir och dat net gutt; de Mënsch ass ëmmer nach ee soziaalt Wiesen a brauch de Kontakt mat aneren.

Elo sinn ech an ee grousse Spillsaachebuttek gaangen. Éischtens ass geschwë Chrëschtdag, an do wollt ech einfach emol wëssen, wat alles esou um Maart ass. Dunn huet et mech iewer och interesséiert, mat wat déi Kanner, déi hirem Léierpersonal, hiren Erzéier a villäicht och hiren Elteren esou vill Kappzerbrieches maachen, dann elo spillen. Fir et riichteraus ze soen, ech war schockéiert! Als Papp vun zwee Bouwen, déi allenzwee an déi zwanzeg Joer sinn, selwer iewer nach keng Kanner hunn, hat ech mech scho laang net méi mat der Welt vun de Spillsaache befaasst. Déi Spillsaachewelt zeechent sech duerch zwee Haaptaspekter aus: éischtens d'Verherrlechung vu Gewalt an zweetens d'Verblödung vum Kand.

Éischten Aspekt: wéi ech all déi brutal Monsteren, mat Maschinnegewierer an aner Waffen, déi och nach schwätzen, oder besser grölen, meeschtens op Englesch, datt si alles platt maachen, killen, hunn ech mech gefrot, wie keeft dann esou eppes?! D'Vendeuse huet gemengt, déi Wuer ging sech gutt verkafen an huet mir hire Bestseller gewisen: e Monster, dat sech kann an verschidden aner Monstere verwandelen an dat Laserkannounen als Hänn huet. Et kann och blären an anere Kaméidi maachen an et blénkt. „Spillsaachen, déi blénken, verkafen sech extra gutt", sot si. Jo wéi blöd si mir dann, hunn ech bei mir geduecht.

Zweeten Aspekt: déi meescht Spillsaachen huelen d'Kanner net eescht! Fir Fantasie oder Kreativitéit ass keng Plaz gelooss. Dës Spillsaache sinn ëmmer nëmmen dofir do, fir eng bestëmmt Aktioun ze maachen, zum Beispill no Plang eppes zesummebauen, wat dann an d'Stellage gestallt gëtt, a mat diem net méi gespillt gëtt, oder eng Popp, déi an d'Box mécht, frësch gemaach gëtt an ëmmer die selwechten englesche Saz schwätzt… Fir aner Spiller mat dësem Geschir ze maachen geet net. Ausserdeem gesinn d'Poppen ëmmer méi aus wéi d'Lindsay Lohan oder d'Daniela Katzenberger a sinn zu 90 % rosa, also pink! Et soll jo also, dien Androck hat ech, net wierklech gespillt ginn, mee éischter gesammelt. Da kann ee méi vun diem Krëppeng verkafen?

Wann een dien „onheemleche" Bierg vu Kreemche kuckt, dien eis Kanner als „Spillsaache" verkaaft kréien, da stellt een sech zwou Froen: éischt Fro: Wéi eng Siicht hunn d'Firmen, déi esou eppes produzéieren, vun de Kanner; wéi eng Siicht hunn d'Butteker, déi esou eppes verkafen, vun de Kanner a wéi eng Siicht hunn déi Erwuessen, déi esou eppes kafen, vun de Kanner? Zweet Fro: Wéi eng Siicht kréien d'Kanner vun dier Gesellschaft an dier se opwuessen?

Ganz éierlech, ech versiche guer net, dës zwou Froen ze beäntweren, well soss kréien ech d'Flemm.

Ech war dunn och nach an den Zeitungsbuttek. Et ass jo gutt wann d'Kanner liesen, esou duecht ech, an an der Schoul soe mir jo ëmmer: egal wat dir liest, et ass ëmmer gutt. Och Mickey-Mouse-liesen schued näischt a „fördert d'Lesekompetenz".

Mee Quetschen och. Dat wäert ech ni méi soen! Do gëtt et d'Zeitunge fir d'Kanner, dat kann ee sech net virstellen, wann een dat net gesinn huet! Et geet no diem selwechte Schema wéi virdrun: Gewalt a Verblödung. Verzweiwelt sicht een an diene Bichelcher no enger Grimmel Logik, e „Spannungsbogen" gëtt et am Prinzip net, d'Sprooch ass reduzéiert op dat Einfachst vum Einfachen. Vu Liese kann een hei net schwätzen, well esou Hefter kann een am Fong net liesen, just duerchbliederen, kucken.

Villäicht nenne mir dowéinst d'Kanner an der Läscht ëmmer „Kids"? Ginge mir Kanner soen, esou wéi mir et gewinnt sinn, dann denkt een un e klengt Wiesen, dat ee behidde, beschütze muss, em dat een sech këmmere muss, fir dat een do muss sinn, Zäit muss hunn, fir datt et sech gutt entwéckelt, diem ee muss Virbild sinn, e Kand eben. Wa mir iewer „Kids" soen, da gesi mir direkt e selbststännegt, kompetent Wiese virun eis, dat seng Problemer selwer an de Grëff kritt, dat mat der moderner Technik besser emgoe ka wéi mir an dat, wann iwwerhaapt, eiser just nach néideg huet, fir d'Täschegeld ze kréien.

Soe mir „Kand", da sti mir an der Verantwortung fir dat Kand, soe mir iewer „Kids", dann ass d'Verantwortung vum Kand fir seng Zukunft an diem senger Hand. A fir datt d'„Kid" och mat dier Verantwortung kann eens ginn, dofir muss hatt kompetent sinn. Dat ass dach logesch, oder?

Bis elo ware fir mech just Doktere kompetent, Architekten, Professeren, also alles Leit, déi laang, joerelaang, geléiert hunn, fir déi Kompetenz, déi Souveränitéit ze kréien. Ech wonnere mech ëmmer nees, datt Kanner, déi jo par définition just e puer Joer op der Welt sinn, elo op eemol och solle Kompetenzen hunn. Wéi soll dat goen? Ëmmer nees héieren ech, datt d'Kanner eng héich Kompetenz am Ëmgank mat den neie Medien hunn. Pardon, si kënne vläicht Knäppercher drécken, mee ech hunn nach ni ee Sechsjärege begéint, dien e Computerspill oder eng Internetsäit selwer programméiere kéint an den Algorhythmus, dien hannert engem GPS stécht, verstoe géif… Obwuel

d'Kanner haut definitiv net méi kompetent sinn wéi virun e puer Joer, behaapten déi Erwuessen et iewer esou gär. Komesch? Esouguer op den Zensuren, pardon, Bilanen, kréien d'Kanner hir Kompetenz „zertifizéiert".

Dat kann dach keen Zoufall sinn!

Elo als Lescht nach en däregt Thema: verstitt mech w.e.g. net falsch, ech wëll beileiwen net d'Fraen nees all hanner d'Kachdëppe schécken – dofir kachen ech selwer vill ze gär – nach wëll ech fir iwwerkomme Familljestrukture schwätzen. Wat ech ëmmer nees feststellen ass, datt haut sech kee Mënsch méi eng Wunneng, vun engem Haus wëll ech guer net schwätzen, mat dem Terrain op déi se gebaut ass, leeschte kann.

Dat ass eng Tatsaach; a wann een net ganz vill Sue geierft huet, da kënnt een och net derlaanscht Schold, vill Schold ze maachen. A grad esou selbstverständlech ass et dann, datt déi zwee Ehepartner, déi jo ir se sech emsinn hunn och Eltere gi sinn, mussen zesumme schaffe goen, fir dës Schold ze bezuelen. Wann een alleng schaffe geet, an dien aneren sech em d'Kanner këmmert, an dat ka roueg och de Mann sinn, geet et leider net duer. Hätte mir dat verhënnere wëllen, dann hätte mir déi lescht drësseg Joer mussen eng aner Wunnengsbaupolitik maachen. Mee eis Partei mam groussen C an hirem Numm, déi no baussen ëmmer fir d'Famillen optrëtt, huet dat iewer leider vermasselt oder … delegéiert.

D'Elteren hunn am Dag also de facto keng Zäit fir sech em hir Kanner ze këmmeren a sinn op d'Schoulen an d'Maisons relais ugewisen, fir hir Kanner erzéien ze loossen. Wien iewer elo gemengt hat, datt d'Eltere jo kéinten owes an op de Weekender dat nohuelen, wat se am Dag verpassen, die gëtt elo leider enttäuscht! Déi selwecht Partei huet et nämlech elo erlaabt, datt d'Butteker owes nach méi laang däerfen opbleiwen; an datt se och op de Samschdeger a Sonndeger op sinn, dat ass scho bal normal.

A wie schafft an diene Butteker? Natierlech nees d'Elteren. An et sinn och d'Elteren, déi grad zu dienen Zäiten, wou se hätte kënnen hir Kanner erzéien, och mussen akafe goen. Wie sinn déi domm bei esou enger Politik, déi sech just no den Interessie vun de Bedreiwer vun de Butteker riicht: natierlech d'Kanner. An hir Elteren, well déi ginn, och duerch dien Drock, dien esou entsteet, gescheed. Hei an eisem Land gi mëttlerweil iwwer 50 % vun de Koppele gescheed. Dat ass eng héich Zuel!

An dat alles hannerléisst Spuren: bei den Eltere maachen sech Scholdgefiller bemierkbar! Si spiren, datt si net genuch Zäit fir hir Kanner hunn. Si spiren, datt d'Kanner hinnen entwutschen, datt si iwwerfuerdert sinn, datt aner Leit méi wichteg am Liewe vun hire Kanner ginn, datt hir Kanner Problemer kréien, an der Schoul an och op anere Plazen, an datt si näischt dogéint maache kënnen. Si hunn d'Kontroll verluer.

Scholdgefiller sinn e schlechte Beroder an Erzéiungsfroen, do si mir eis all eens. Loosse mir also net zevill op diene „schlechten Elteren" erëmtrampelen, well ganz vill vun hinne kënnen och net dofir. A Mammen a Pappen, déi am Congé parental, also an dier Zäit, déi se vum Staat geschenkt kréien, fir sech em hir Kanner ze këmmeren, an d'Vakanz fueren, bleiwen hoffentlech d'Ausnahm.

D'Eltere brauchen Ënnerstëtzung fir sech géint den Drock vu baussen, virun allem vun der Werbung, ze wieren an hir Kanner ze beschützen.

An da kënnen se fir Chrëschtdag hire Kanner emol e richteg schéine Kado maachen: amplaz e Monster, dat schéisst a brëllt a blénkt oder eng pinke Barbie mat Shoppingbag, schenken se hire Kanner einfach nëmmen Zäit, weider näischt, dat geet duer an déi ass batter néideg. An dono liesen se hinnen eppes vir a se kachen zesummen eng gutt Zopp. Da maachen se, och nees zesummen, d'Spull a schwätze ganz vill mateneen, an zum Schluss klammen se zesummen op ee Bierg. Dat wir schéin!